PRABBELI
WILTZ
CENTRE SOCIOCULTUREL RÉGIONAL

LOISIR

CENTRE



Daat neit Informatiounsblaat iwert Fraïzaït an Aktivitéiten

COOPERATIONS
ENTREPRISE SOCIO-CULTURELLE

Neien Service am Haus:

CENTRE LOISIR

WAAT MAAN NOM FEIEROWEND ODER DE WEEKEND???

Du wëlls déng Fraïzaït organiséieren, huës Ideën fir eppes ze ënnerhuelen, brauchs een deen der hëllëft daat ze fannen waat's de sichs an wëlls? Dann kenne mir der Hëllefën! Den Centre Loisir kann dir eng Léisung sinn.

Den Centre Loisir deen aus dem Mona an dem Jaakes besteht huët een neien Büro kritt. Sie setzen elo um zweeten Stack am Neibau direckt iwert dem CPP. Déi zwee sympaatësch Gesellen freën sech do schon op ären Besuch.

Eng vun hieren Aufgaben ass ët Fraïzaïtgestaltung ze féieren. Sie plangen Aktivitéiten, graïfen Idien op an probéieren se auszeschaffen, organiséieren Ausflich oder Visitën an lancéieren Projeten am Sport, der Museck oder an der Konscht wou dir selwer kënnt matmaachen an ierch köstlësch amuséierën wärt.

Puer Aktivitéiten sin och schon geplangt, an wärten demnächst unlaafen. Sou hun mer zum Beispil fir den Densteg 16ten März geplangt een Pizza & Pasta Owend ze maan. Wann dir doruner interesséiert sid an wëllt matgoen, dan mellt ierch beim Mona oder dem Jaakes un.

Dest weideren, sin nach genuch Saach déi nach op stinn, d'Nena kënnt an d'Rockhal, Fettes Brot kënnt an den Atelier, et ass eng Zirkusshow an der Staat déi een kann kucken goen, als Group bis an de Kino fueren oder um Sonndenmëtteg an der Sonn eng Ronn Petanque spillen. Wann een Loscht huët eppes dovun mat ze maan da soot eis och roueg bescheet.

Personal:

D'Mona an de Jaakes sin déi zwee déi sech ëm dësen neien Centre këmmeren. Gitt roueg langst sie baïssen nët!

PROGRAMM MÄRZ 2010

Pasta & Pizza Owend 16.03.2010
Fussball: BVB-Bayer Leverkusen 20.03.2010
Zeitung ab 24.03.2010 all zweete Mëttwoch

Pasta & Pizza Owend

Mir treffen eis den 16ten März um 17h00 am Café vum Prabbeli, dan gin mer zesummen hei zu Woltz an een gudden, traditionellen italieneschen Restaurant zu Owend iessen. Mir lossen eis et gut schmaachen an genéissen puer gemitterlësch Stonnen zesummen. Duerno këmmerën mer eis drëm dass jidderen secher an mat Zaïten Heem kënnt.

Et ass wichteg dass der ierch bei eis am service unmellt fir dass mir een Dësch, deen secher grous genuch ass, reservéieren kennen. Dir kënnt ierch unmellen an deems der bei eis am Büro unrufft (95 92 05 43), eis een Ziedel an d'Case leet oder dem Jaakes einfach beim iessen bescheet soën.

All Mënsch muss saïn Iessen an saïn Gedrénks selwer bezuelen. Dir kënnt do mat 15 bis 20€ reschnen.

Fussball: Borussia Dortmund geint Bayer Leverkusen zu Dortmund am Westfalenstadion

Den 20ten März gin mer een Bundesligamatch op Dortmund kucken. Dës Aktivitéit ass leider schon ausgebucht.

Mir kënnen eis awer och virstellen dass daat nët déi läschte kéier war dass mer Fussball kucken ginn. Wann dir also keng Platz méi krut, sid der déi nächste Kéier bestëmmt mat dobaï.

Zeitung

Leider hunn mer fir dësen Mount nach nët méi fir eist Informatiounsblaat. Mir sin awer secher dass déi nächst Editiounen besser wärten gefëllt sinn.

All zweeten Mëttwoch maachen mir Owes een klengen Workshop wou mir zesummen hun dëser Zeitung kënnen schaffen. Dëst wärt hei zu Woltz am Prabbeli statt fannen. Deen Workshop geht um 19h00 un an ass um 20h30 färdeg. Et kënnen leider just maximal 4 Leit dorunner matschaffen dofir mellt ierch och hei mat Zaïten un.

COOPERATIONS
ENTREPRISE SOCIO-CULTURELLE

PRABBELI
WILTZ
CENTRE SOCIOCULTUREL RÉGIONAL

LOISIR

CENTRE

Dës Saït an eisem neien Blaat wärt an Zukunft vun ierch selwer gestallt ginn

COOPERATIONS
ENTREPRISE SOCIO-CULTURELLE